N° 6567
Entrée le 28.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.07.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch an un der Här Policeminister weiderzeleeden.

Medieberichter no besteet de Verdacht, dat déi urspréglech däitsch Firma Juicy Fields, déi medezinesche Cannabis produzéiert, hir Investisseuren bedrunn huet. Och Investisseuren aus Lëtzebuerg sollen betraff sinn. An deem Kontext géing ech gären folgend Fro un d'Madamm Justizministesch an un der Här Policeminister stellen:

- Kann d'Regierung bestätegen, dat et bei der Entreprise Juicy Fields zu Onreegelméissegkeeten komm ass?
- Sinn och Investisseuren aus Lëtzebuerg betraff?
    - Wa jo, wéi vill?
    - Wéi vill Plainten sinn bis ewell zu Lëtzebuerg an deem Zesummenhang gemaach ginn?

- War d'Regierung au courant, dat déi däitsch Bundesanstalt für Finanzdienstleistungsaufsicht BaFin ewell den 3. Juni 2022 Investitiounen bei der Juicy Holdings V., Amsterdam, Niederlande, verbueden huet, well d'Firma géint dat däitscht Vermögensanlagengesetz verstouss huet?
    - Wa jo, wat huet d'Regierung doropshin ënnerholl?

Här President, mir bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar

Deputéierten